N°5887
Reçue le 28.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5887 vum 7. Mäerz 2022 vum honorabelen Députéierten Marc GOERGEN

Ad 1:

Dës Praxis gëtt zu Lëtzebuerg schonn ugewannt, zum Beispill am Fall, wou d'Fourrière judiciaire zou oder iwwerfëllt ass, ginn d'Autoen beim Oflschleefdéngscht ofgestallt. Dat ass awer just zäitlech begrenzt, bis dass an der Fourrière judiciaire rëm Plaz ass.

An der Moyenne freet den Dépanneur fir esou eng Stellplaz 15-20 Euro den Dag. De Problem, dee sech stellt, sinn awer net déi Autoen, déi d'Propriétairen no 1 bis 2 Deeg siche kommen, mee éischter d'Épaven, déi kee méi siche kënnt. Déi Autoen sti ronn 150 Deeg do, éiert d'Prozedur „véhicule délaissé" aus dem Code de la Route ofgeschloss ass. An dësem Fall kënne Fraisen vun 2.000 bis 3.000€ ufalen, ob deenen den Steierzueler sëtze bleift.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX